DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:

*„D'Präisser fir verschidden Zorte vun Holz sinn zënter enger gewëssener Zäit staark am gaangen ze klammen. Zu Lëtzebuerg ginn et eng sëllege Firmen, déi mat där Matière Première schaffen an vun de globale Präishaussen staark betraff sinn.*

*Virun deem Hannergrond wollt ech dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:*

- *Kann den Här Wirtschaftsminister de Wuesstem vun den Holzpräisser tëscht 2018 an haut retracéieren, andeems tëscht deene verschiddene Etappen an der Wäertschöpfungsketten ënnerscheet gëtt (Präisser, déi Bëschbesëtzer, Seeëreien, Schräinereien a Charpentieren, Holzhändler, etc., bezuelt kréien)? Wat wiere méiglech Ursaache fir dës Entwécklung?*

- *Kann den Här Minister aschätzen, wéi sech dës Hausse op d'Präisser an eiser Baubranche auswierkt oder schonn ausgewierkt huet?*

- *Ass den Här Minister a Kontakt mam Secteur? Wat ass de Feedback, deen den Här Minister vun de betraffene Betriber zur aktueller Situatioun kritt?"*

Mat héifleche Gréiss,

André BAULER

Deputéierten